LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4345 vum 29. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet Disponibilité des véhicules d'ambulances.**

**1. No wéi enge Krittären decidéiert de CGDIS, a wéi ee Spidol eng Persoun bei enger medezinescher Urgence transportéiert gëtt, a wéi ginn dobäi d'Necessitéite vum Patient berécksiichtegt?**

D'*Modalités d'orientations des patients pris en charge par le CGDIS vers les services d'urgence* sinn an enger interner Nott (läschten Update: Dezember 2025) vum CGDIS gereegelt. Dës Nott huet de CGDIS zesummemat der *Fédération des hopitaux Luxembourgeois* (FHL) ausgeschafft a validéiert.

Et gëllt generell folgend Reegel:

"*Le patient doit être transporté vers le centre hospitalier de garde le plus proche et/ou le plus rapidement accessible. Ce principe de répartition géographique sera la base d'orientation du CSU 112 et sera intégré dans le système « Einsatzleitsystem » (ELS). L'hôpital de destination « a priori » sera notifié lors de l'alerte à chaque équipage RTW.*

*Le patient pourra cependant être transporté vers un autre centre hospitalier de garde dans certains cas particuliers :*

- *Prise en charge d'un patient suivi dans un centre hospitalier spécifique pour une pathologie chronique en relation avec l'urgence en cours.*
- *Prise en charge d'un patient ayant déjà consulté dans un service d'urgence pour le même motif dans les jours précédents. Ce patient sera orienté préférentiellement vers le service d'urgence ou il a déjà été pris en charge.*
- *Volonté manifestement exprimée du patient lui-même, dans la mesure ou la couverture opérationnelle du CGDIS reste assurée.*"

Wann et sech ëm eng Interventioun handelt un där och e SAMU bedeelegt ass, décidéiert an der Reegel den Dokter vum SAMU opgrond vum medizineschen Zoustand vum Patient, a wéi e Spidol dësen transportéiert gëtt, dëst an Ofsprooch mam CSU 112 an dem jeeweilege Spidol. Fir spezifesch Asätz (z.B. Pediatrie, Psychiatrie) ginn et adaptéiert Prozeduren.

**2. Wéi vill Ambulanze stinn am ganze Land zu Verfügung, opgelëscht no Gemeng?**

De CGDIS definéiert d'Opdeelung vun den Ambulanzen iwwert d'Land duerch e Verdeelungsschlëssel a sengem sougenannten nationalen Ausrüstungsplang.

Fir all Asazzenter wou eng Ambulanz stationnéiert ass (Kategorië IVbis, IV, III oder IIbis), ergëtt sech Unzuel u Gefierer engersäits duerch de reguläre Déngscht dee garantéiert muss ginn (national: 40 am Total), an anerersäits duerch eng operationell Reserve (national: 32 am Total) déi agesat gëtt, wa méi Ambulanze wéi normal musse besat ginn (z.B. Renforcement am Kader vun der Canicule am Juni 2026), fir eventuell

*Dispositifs prévisionnels de secours* ze garantéieren oder fir am Fall vun enger Katastrof (z.B. am Fall vum Declenchement vun engem Plan Nombreuses victimes) duerch Personal aus der Reserve ze besetzen.

An der Praxis kann et natierlech virkommen, dass eng Ambulanz wéinst engem techneschen Defekt och emol kuerzfristeg ausfält.

Déi follgend Tabell weist d'Opdeelung vun den Ambulanze no *Zone de secours*, Groupement an Asazzenter (CIS):

| Zone de secours | Groupement | CIS | Armement selon plan de garde | Réserve opérationnelle | Total par CIS |
|---|---|---|---|---|---|
| NORD | Our | CIS Clervaux | 1 | 1 | 2 |
| | | CIS Hosingen | 1 | 1 | 2 |
| | | CIS Troisvierges | 1 | 1 | 2 |
| | Stauséi | CIS Wiltz | 2 | 1 | 3 |
| | Nordstad | CIS Nordstad | 3 | 2 | 5 |
| | Atert | CIS Rambrouch | 1 | 1 | 2 |
| | | CIS Redange | 1 | 1 | 2 |
| | **Somme pour zone Nord:** | | **10** | **8** | **18** |
| EST | Sauer | CIS Echternach | 2 | 1 | 3 |
| | Zwee-Iernz | CIS Junglinster | 1 | 1 | 2 |
| | | CIS Larochette | 1 | 1 | 2 |
| | Musel | CIS Grevenmacher-Mertert | 2 | 1 | 3 |
| | 3-Länner Eck | CIS Remich | 2 | 1 | 3 |
| | **Somme pour zone Est :** | | **8** | **5** | **13** |
| CENTRE | Uelzechtdall | CIS Mersch | 2 | 1 | 3 |
| | Réibierg | CIS Mamer | 2 | 1 | 3 |
| | | CIS Steinfort-Koerich | 1 | 1 | 2 |
| | Bockfiels | CIS Luxembourg | 6 | 5 | 11 |
| | | CIS Findel | 1 | 1 | 2 |
| | **Somme pour zone Centre :** | | **12** | **9** | **21** |
| SUD | Kordall | CIS Käerjeng-Péiteng | 2 | 1 | 3 |
| | | CIS Sanem-Differdange | 2 | 2 | 4 |
| | Belval | CIS Esch-sur-Alzette | 2 | 2 | 4 |
| | | CIS Schifflange | 1 | 1 | 2 |
| | Ginzebierg | CIS Bettembourg | 1 | 1 | 2 |
| | | CIS Dudelange | 1 | 2 | 3 |
| | | CIS Kayl-Tétange | 1 | 1 | 2 |
| | **Somme pour zone Sud :** | | **10** | **10** | **20** |
| **Somme nationale :** | | | **40** | **32** | **72** |

Zousätzlech stellt d'Direction des moyens logistiques vum CGDIS eng weider Reserve vu Gefierer zur Verfügung, déi wärend Reparaturen oder techneschen Ausfäll ka genotzt ginn, an den Institut national de formation des secours (INFS) e puer Schoulungsgefierer.

**3. Wéi vill Ambulanze sti fir d'Gemeng Péiteng an d'Ëmgéigend zur Verfügung?**

Ee vun de Grondprinzippie vun der Reform vum Rettungswiesen am Joer 2018 war deen, datt d'Gemengegrenze fir déi territorial Organisatioun vum CGDIS keng Roll méi spillen. D'Couverture vum Land gëtt säitdeem iwwert den *Délai d'intervention* garantéiert. Et gëtt also ëmmer déi Ambulanz geruff, déi am Nooste vun der Asazplaz ewech ass an dee Moment asazbereet ass.

Aus dem ieweschten Tableau geet ervir, dass fir d'Gemeng Péiteng an d'Ëmgéigend primär 10 operationell Ambulanzen aus der Zone de secours Sud zur Verfügung stinn. Wann néideg kënnen awer och Ambulanzen aus deenen aaneren Zonen agesat ginn..Fir de Fall wou eng Interventioun méi Moyene verlaangt wéi déi, déi dee Moment verfüügbar sinn, besteet iwwerdeems och ëmmer d'Méiglechkeet, fir Verstäerkung aus dem noen Ausland unzefroen, dëst am Kader vu bilateralen an europäeschen Accorden.

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN